

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Mee 2022

Här President,


esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Ënnert dem Här Minister huet de Schoulministère een „Leitfaden für geschlechtersensible Darstellung in Sprache & Bild in Schulbüchern“ erausginn. Dëse Leitfaden huet op Grond vun enger Partie ëmstriddenen Aussoen zënter senger Verëffentlechong ëmmer erëm fir Erstaunen an Onverständnis gesuergt.

An deem Kontext wollt ech eng Parti Froen un den Här Minister riichten:

- 1) Am Leitfaden steet geschriwwen: "Nicht der Staat reguliert durch Erlasse, sondern die Menschen durch ihren alltäglichen Sprachgebrauch." Op der anerer Säit gëtt awer am Leitfaden festgeschriwwen, wéi d'Mënschen (an dësem Fall d'Schüler an d'Léierpersonal) an Zukunft ze schwätzen hunn a wat fir Wieder an de Schoulbicher ze stoen hunn. Esou sollen elo Wieder wéi "Lehrende" (amplaz vu Lehrer) benotzt ginn, déi awer am alldeegleche Sproochgebrauch vun de Mënschen net virkommen. Kann den Här Minister preziséieren, firwat de Staat hei eng Benotzung vu Wieder virschreift, entgéint dem alldeegleche Sproochgebrauch vun den Mënschen an entgéint der uewe genannter Premisse?
- 2) Weider steet am Leitfaden: "Frauen sollten nicht grundsätzlich kleiner und zierlicher abgebildet werden. Auf stereotype sexualisierte Darstellungen (Geschlechtermerkmale wie Brüste (...)) sollte in bildlichen Darstellungen grundsätzlich nicht zurückgegriffen werden." Zu Lëtzebuerg läit d'Duerchschnittsgréisst vun den Frae bei ronn 165 cm an déi vun de Männer bei ronn 179 cm. Kann den Här Minister an deem Zesammenhang erklären, firwat d'Realitéit an de Schoulbicher also soll gefälscht duergestallt ginn? Kann den Här Minister weider erklären, firwat d'Fraen ouni Broscht duergestallt solle ginn? Ass den Här Minister net der Meenung, dass ee Fra a Mann esou sollt duerstellen, wéi se a Wirklechkeet och sinn?
- 3) Weider soll een an de Schoulbicher, laut Leitfaden, „die bildliche Darstellung von Frauen als (...), (ein Kind) Stillende, (...) vermeiden“. Kann den Här Minister hei seng Opposition géint Mammen, déi hir Kanner nieren, erklären? Aus wéi enge Grënn solle Mammen, déi nieren, net a Schoulbicher virkommen?
- 4) Plangt den Här Minister eventuell Ännerungen un dësem Leitfaden, respektiv de Leitfaden zréckzezéien?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'Fred Keup', written in a cursive style.

Fred Keup,
Deputéierten